

Et muss ee soen, datt an der Vergaangenheet an och a rezenter Zäit, zënter datt onst Verfassungsgericht besteet, d'Zuel vun de Recours zouhëlt, datt d'Bierger déi ganzen Zäit kucken, an ëmmer méi kucken, ob verschidde gesetzlech Dispositiounen am Aklang si mat onser Verfassung. Ganz oft gesäit een och, datt déi Décisiounen a ganz ville Fäll dorop hincillen, fir ze soen: Dës Dispositioun ass falsch, do muss d'Gesetz geännert ginn. Mir hunn dat heite jo och scho wiederholt gemaach. Esou datt een also hei ka soen, datt mir mat neien Ziler, déi mir ons ginn, ons och nei Obligatiounen gi fir ons Gesetzgebung, déi mer schaffen. Dat alles ass am Intérêt vun onse Bierger, mä och fir d'éischte Kéier am Intérêt vun den Déieren iwwert de Wee vum Déierschutz.

Mir haten eng länger Debatt iwwert déi zwee Termen, ob ee bei der Ëmwelt iwwer Régénératioun oder Renouveau soll schwätzen. Dat ass, géing ech soen, oft eng philosophesch Debatt, well déi zwee Termen sech ganz vill gläichen. D'Régénératioun stellt méi eng Obligatioun duer, wéi wann dat méi global wär, an de Renouveau manner. Doriwwer scheede sech natierlech d'Geeschter, a wann een an den eenzelne Laroussé kuckt, da gesäit een, datt déi Differenz awer minimal ass, wat d'Effeten oder d'Differenzen ugeet.

Mir hunn ons elo zu engem Konsens duerchgerongen. An et ass dat, wat ech wëll begreissen. Mir si bereet, am Konsens dës Modifikatiounen un onser Verfassung ze droen, an dofir wäert d'ADR och dësen Text stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet als leschte Riedner d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Bon, Här President, ech hunn am Fong zwou, dräi Versteesdemech-Froe mat deenen Texter hei.

Am Artikel 3, do steet: «L'État garantit la protection de la vie privée, sauf les exceptions fixées par la loi.» Am Artikel 6, do steet: «La liberté du commerce (...) sont garanties, sauf les restrictions à établir par la loi.» Dat verstinn ech net.

Ass dat dann elo esou, datt, nodeem den Här Gesondheetsminister verbueden huet an de Restaurants ze fëmmen, hien dann och elo nach verbidde kann do ze iessen, well e fäert d'Leit géingen ze déck ginn, oder wéi ass dat?

Ech mengen, hei steet: «restriction à établir par la loi». Dat ass also eppes, wat no deenen Texter hei nach muss gemaach ginn. Dat heescht also, d'Liberté de commerce, d'Handelsfräiheet gëtt am Fong zum Deel hei a Fro gestallt, esou wéi ech deen Text hei elo verstinn.

Dann hunn ech nach en anere Problem, dat ass, a praktesch sämtlechen Artikelen, do steet: «La constitution garantit...». Mä bei der Protection des animaux, do steet: «promeut la protection des animaux». Dat heescht „fördert“. Ma dat heescht am Fong guer näischt! Wann een do schreift „fördert d'Protektioun vun den Déieren“, dann heescht dat am Fong guer näischt. Dat ka vill sinn, dat kann näischt sinn, an dat ass einfach.

Firwat steet net och do «garantit la protection des animaux», wéi bei all aneren Texter, déi hei an der Verfassung drastinn?

» **Une voix.** - A wat mécht een da mat de Mécken?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ma, Dir kënnt jo drop schéissen.

(Hilarité)

Dann hu se zumindest eng lwwerliewens-chance, gell!

Mir kënnen natierlech och Méckebaatschen huele mat engem Lach an der Mëtt, an da schreift Der drop: «Give the fly a chance!» Dat kënnt Der och maachen.

Bon, da gesinn ech awer e groussen Ënnerscheid, wou den Här Henckes kee gesäit. Den Här Henckes seet, tëschent Renouveau a Régénération wär keen esou e groussen Ënnerscheid. Ech gesinn awer do e groussen Ënnerscheid, an ech sinn

awer duerfir frou, datt de Begrëff Régénératioun geholl ginn ass, well dat awer méi bedeutungsvoll ass an och garantéiert, datt dat, wat füttigemaach gëtt, wierklech och soll sënnavoll régénéréiert ginn. Renouveau, dat ass iergendwéi esou eppes, wat vill méi vag ass, an dat anert ass vill méi kloer.

Bon, déi Bedenken hei ervirbruecht, hoffen ech, datt ech dann elo eng Erklärung kréien, an da kann ech awer och dat hei mat rougem Gewësse stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Mir sinn elo um Enn vun der Debatt ukomm a kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition de loi 3923C. Den Text steet am zoustännegen Dokument. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Premier vote constitutionnel

D'Proposition de loi 3923C ass ugehall mat 47 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Marcel Glesener, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Sarter, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, et Lucien Weiler;

M. John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agno, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Alexandre Krieps et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Mir kommen dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet iwwert d'Ëmbau vum de Vestiaires op den Héichiewe vu Belval. Et hu sech ageschriwwen: den Här Meisch, déi Damme Mutsch a Loschetter, den Här Mehlen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

4. 5581 - Projet de loi relatif à la transformation des anciens vestiaires des hauts fourneaux pour les besoins d'un incubateur d'entreprises à Belval-Ouest

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut zu e bësse méi fortgeschrittener Stonn awer elo schonn de Projet de loi 5581 relatif à la transformation des anciens vestiaires des hauts fourneaux pour les besoins d'un incubateur d'entreprises à Belval. E Projet, deen d'Beméiung vun der Regierung ënnersträicht, fir den Développement an d'Diversifikatioun vun eiser Ekonomik weider no vir ze bréngen an d'Kreatioun vun neien innovativen, sogenannte Start-up-Entreprisë mat grousser technescher Vokatioun ze förderen.

De virleiende Projet gesäit vir, fir déi al Vestiaire vum den Héichiewe vun Esch-Belval ze transforméieren, an zwar an en Incubateur d'entreprises oder anescht ausgedréckt eng Pépinière d'entreprises.

Déi éischt Fro, déi sech elo stellt: Wat ass esou en Incubateur oder eng Pépinière d'entreprises? Wat heescht dat eigentlech op Lëtzebuergesch? Ech hunn op e puer Plazen nogekuckt. D'Lëtzebuergesch Sprooch gesäit keng lwwersetzung vun dem Wuert vir. Eis däitsch Noperen iwwersetzen allerdings mat Brutkasten. Ech wäert am weidere Verlaf vu mengen Ausféierungen, einfach wéi och am Projet de loi steet, vun dem Incubateur schwätzen.

D'Europäesch Kommissioun definéiert esou en Incubateur d'entreprises als eng Plaz, oder besser gesot e Gebai, an deem jee no Gréisst méi oder manner vill frësch ge-

grënnte Gesellschaften fir eng bestëmmten Zäit en Ënnerdaach hunn. D'Zil dovun ass, fir dës jonken Entreprisë besser Start-up-Chancen ze ginn, fir méi einfach ze iwwerliewen a méi einfach wuessen ze kënnen. Fir hiren Erausfuerderunge gerecht ze ginn, kënnen dës Entreprises nieft deene Raimlechkeeten, déi hinnen zur Verfügung stinn, op gemeinsam Strukturen an Installatiounen, wéi zum Beispill e Fax, Computeren a Computerréseauen, zrëckgräifen. Si ginn awer och an hirer Gestiou mat weidere Servicer ënnerstëtzt.

Den Incubateur zu Belval soll nom Modell vun ähnlechen, schonns bestehende Strukturen fonctionnéieren. Eng Schlësselroll kënnt heibäi Luxinnovation zou, der nationaler Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun an der Recherche. Luxinnovation huet d'Aufgab fir d'Auteurs vun neie Projeten a Start-up-Entreprises am Laf vun hirer Entstehungsphas, hirem Opbau an hiren éischte Schrëtt an der Wirtschaft ze assistéieren an och ze beroden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Projet behandelt awer just de Volet Bâtiment. Et sinn also just d'Raimlechkeete vum Incubateur d'entreprises, déi hei behandelt ginn. Alles wat de Fonctionnement an d'Organisatioun ubelaangt, fällt net ënnert d'Kompetenze vum Bauteministère, ergo och net ënnert d'Kompetenz vun der Bautekommissioun. Dofir ass herno de Ministère de l'Économie zoustänneg.

Et geet also just ëm den Ëmbau vum ale Gebai vum de Vestiaires, dat op der Terrass vun den Héichiewen direkt nieft dem Héichiewe B läit an an Zukunft also en Ënnerdaach fir verschidden Entreprisë gi soll.

Duerch d'Ëmsetzung vum Projet Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation fanne sech um Site Belval vill Akteure vun der Recherche publique erëm: de Centre de Recherche Public Gabriel Lippmann, de Centre de Recherche Public Henri Tudor souwéi de Centre de Recherche Publique Santé. Eng vun de Missiounen vun all dës Centres de recherche ass, d'Entstoe vun neien industriellen Aktivitéiten ze förderen. D'CRPe sinn och immens interesséiert drun, fir bei dësem Projet matzeschaffen, well doduerch de Site Belval nach méi zum Austausch vun neien Iddien an Technologie kënnt.

Erlaabt mer, datt ech kuerz op déi bautechnesch Aspekter vum Projet aginn.

De Fonds Belval hat en Architektoconcours ausgeschriwwen an d'Iddi, déi sech duerchgesat huet, huet sech vun deenen aneren Entwërf souwuel vum funktionelle wéi och vum architektonesche Konzept ënnerscheet an ofgesat.

Deen neien Incubateur bitt engersäits e Service d'hébergement un, andeems de jonken Entreprisë Raimlechkeete wéi Büroen oder Atelieren zu engem moderate Loyer zur Verfügung gestallt ginn. D'Surfaces, déi hei méiglech sinn an déi och schonns gefrot goufen, leien tëscht 50 m² an 250 m².

Dat soll awer keen definitive Standuert fir dës Betriber sinn. Klappt de Start an déi kommerziell Welt, kréien dës Betriber, souwäit se dat wënschen, een definitive Standuert um Crassier Éilereng ugebueden. Anerersäits ginn d'Entreprises awer och begelle beim Ausschaffen an Evaluéieren vun hire Geschäftsiddeen an neie Konzepten, dem Opstelle vun engem Wirtschaftsplan an hiren éischte Schrëtt an der Startphas. D'Porteure vun de Projekte sollen awer och Formatioun ugebuede kréien an och éischt Kontakter mat Partner aus de Beräicher Industrie, Gestiou, Finanzen a Wëssenschaft vermittelte kréien.

De funktionellen Deel gesäit och gemeinsam Raimlechkeeten, wéi zum Beispill d'Cafeteria, Sëtzungssäll, Sanitäranlagen, etc. vir. Des Weideren ass och eng gemeinsam Gestiou an de Beräicher Réception, Büro vum Sekretariat, Büro vun der Direktioun, Archiver an esou weider geplangt.

Den Deel Architektur verbënnt al an nei Strukturen vum de Raimlechkeeten. Engersäits gëtt doduerch dem Gebai, wat um Inventaire vu Sites et Monuments steet, déi äusserlech Erscheinung erhalen. Anerersäits gëtt bannendran alles op eng modern Aart a Weis funktionell a praktesch transforméiert, fir den neien Entreprises en optimale Kader ze schafen, fir datt se sech doran dann entwéckele kënnen.

Dee ganze Projet kascht, fir dat wat de Volet vun den öffentleche Bauten ugeet, 12.990.000 Euro, Valeur Index vum 1.10.2005 vu 618,55 Punkten. Haut sinn dat awer schonn, bei engem Indexstand vu 625,70 Punkten, 13.140.000 Euro.

Dës Ausgabe ginn zu Laaschte vun de Kreditte, déi dem Fonds Belval zur Verfügung stinn, a Conformitéit mam Gesetz vum 25. Juli 2002; e Gesetz dat dësen Etablissement

ment geschafen huet, fir d'Ëmsetzung vun den Equipementen vum Stat um Site Belval ze tätigen. De Remboursement vun de Gelder fänkt un, soubal d'Gebai fäerdeg gestallt ass.

Den Entretien vum Gebai selwer gëtt vun der Administration des Bâtiments publics garantéiert.

Ee Wuert nach zum Akafspräis vum Terrain a vum Gebai selwer. Eng Fro, déi an der Bautekommissioun gestallt gouf, awer net direkt konnt beäntwert ginn. Ech krut awer elo déi néideg Informatioun vum Ministère des Finances nogeliwwert a se gesinn dann esou aus:

Dat Ganzt gouf beim Gesetzprojet 5152, wou de Kolleeg Norbert Hupert Rapporteur war, hei an der Chamber diskutéiert. Den Akafspräis vun deene 27 Hektar inklusiv d'Gebléishal, d'Héichuewen, d'Vestiairen an d'Möllerei beleeft sech op 84,5 Milliounen Euro. Fir déi véier Gebaier steet eng Valeur négociée vu 4.957.870 Euro un. Rechent een dat elo ëm, kënnt ee bei dësem Projet op ronn eng Millioun Euro fir den Terrain an op 1.203.000 Euro fir d'Gebai.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir waren eis an der Bautekommissioun, nodeems mir all Explicatiounen, déi mir gebraucht hunn, kruten, relativ séier eens iwwert d'Noutwendegkeet vun dësem Projet. Och de Statsrot war mat de Prinzipien averstanen, hat ausser e puer redaktionelle Bemierkungen näischt ze beanstanden, esou datt ech d'Chamber bidden, de Projet an där virleiender Versioun ze stëmmen.

Dat gesot soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren a selbstverständlech, wéi kéint et och anescht sinn, bréngen ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Clement. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Henri Grethen (DP).** - Merci, Här President. Fir d'eischt wollt ech dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, an deem hien och nach eng Rei Preziosiounen bruecht huet, déi mer an der Kommissioun gefrot haten, déi eis dee Moment awer net konnte geliwwert ginn.

Selbstverständlech wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei hiren Accord zu dësem Projet bréngen, desto méi well et e Projet ass, dee vun der viregter Regierung initiéiert gi war a well, och wann dat net de Fall wier, mer de Sënn, den Zweck, den Intérêt vun dësem Projet total agesinn.

Et kann ee sech natierlech Fro stellen: Firwat op där Plaz? Firwat dat do Gebai?

Här President, dat Gebai, déi Vestiaire sinn an de 60er Jore gebaut ginn. Ech woen ze behapten - les goûts et les couleurs ne se discutent pas! - a mengem perséinlechen Numm, dass se null architektonesche Wäert hunn. Mir ginn awer elo dohinner a mer transforméieren dat Gebai relativ deier. E Gebai, wat eng ganz spezifesch Struktur huet, wou d'Atelieren op den ieweschte Stack kommen, well se ëmmer do waren. D'Struktur vum Gebai erlaabt dat. An dann d'Bürogebailechkeeten am Rez-de-chaussée an um éischte Stack. Jee, dat ass eng Form, déi herno, wa muss doranner geschafft ginn, net onbedéngt déi produktivst ass. Mais les choses étant ce qu'elles sont, ass deen do Wee gewielt ginn.

En huet zur Konsequenz, dass de Projet méi deier gëtt, wéi wann een op engem Terrain, wou näischt géif stoen, déiselwecht Infrastruktur géif opriichten.

Et ass awer eng Décisioun, déi nun eemol geholl ginn ass, an am Schiet vun den Héichiewen ass eis näischt ze deier, an no deem Prinzip schéngt dës Projet och um architektonesche Plang ausgeschafft ginn ze sinn.

A wann dann, Här President, dee Projet realiséiert ass, wann e steet, da géif ech mer wënschen, Här President, dass et net zu enger ongesonder Konkurrenz zwëschent deenen eenzelnen Akteure kënnt. Den Här Bauteminister, deen d'Regierung hei vertritt, ass duerfir net zoustänneg, mä ech géif mer wënschen, dass de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Héichschoulwiesen, an de Wirtschaftsminister géifen klären, wien dann an deem Projet herno de Lead hätt, net dass et erëm zu engem Klengkrich kënnt zwëschent Leit déi wëlle beweisen, wéi méi dichteg ass wéi deen aneren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Henri Grethen (DP).** - Well hei geet et ëm eng wichteg Infrastruktur. Hei

geet et drëms, dass mer aus der Uni, déi ech jo als gebierdegen Escher hoffen, dass se esou séier wéi méiglech zu Esch implantiéiert gëtt, dass mer aus deenen Efforts de recherche, déi do gemaach ginn, herno och Effets économiques hunn, dass mer Effets industriels hunn; duerfir soll dat neit Gebai d'Infrastruktur bidden. Ech hoffen, dass deen deieren Investissement, dee mer haut stëmmen, am Intérêt vun der Lëtzebuerger Economie ass.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Grethen. D'nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den 10. November war déi offiziell Ouverture vum Site Belval fir den „grand public“. Den Dag virdrun hate mer schonn d'Pose de la première pierre fir d'Gare Belval-Usine. De 27. November, also iwwernächste Méindeg, kënnt de Jury fir d'Université zesummen am SKIP, an den 30. November ass d'Inauguration vum der RBC Dexia.

Déi Lëscht ass elo net komplett a se ass och net elo eréischt ugaangen a se ass och virun allem nach laang net ofgeschloss.

Haut geet et also ëm d'Transformation vum deenen ale Vestiaire vum den Héichiewen op Belval fir d'Besoine vun engem Incubateur d'entreprises. Dëst Industriegebai gëtt also rehabilitéiert fir eng nei Notzung fir innovativ Betriber, also eng nei national Struktur, déi an direktem Lien zur Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation steet, déi hirersäits e feste Bestanddeel vun der zukünftiger Uni Esch-Belval ass. An et ass wuel méi déi Proximitéit, déi den Ausschlag ginn huet, fir de Choix fir dës Gebailechkeet ze maachen, wéi vläicht den industriehistoresche Wäert vum Gebai, wat jo nach relativ rezent a senger Konstruktioun ass.

Bei der Entwécklung vum engem universitäre Site, deen dobäi nach den Challenge erfëlle muss, sech an en neie Quartier anezéfen, deen hei entsteet, ass natierlech d'Zesummespill mat allen Akteuren um wirtschaftleche Plang besonnesch wichteg. Wann et eis eescht gemengt ass, fir ronderëm de Projet-phare Esch-Belval en neie Wirtschaftspilier fir d'Land opzebauen, deen de Strukturwandel vum enger ganzer Regioun begleet, da geet dat net ouni Zentraliséierung.

Et geet virun allem och net ouni eng volontaristesche Approche ronderëm déi Ziler, déi mir fir Belval jo och heibannen definéiert hunn: d'Förderung vum der Recherche, net zulescht och am Zesummespill mat deenen dräi Centres de recherche, déi ronderëm d'Uni Esch-Belval ugesiedelt ginn, den Transfert vum Technologien an d'Innovation, d'Entwécklung vun neie Pôles de compétences, Incitativone fir d'Kreatioun vum neien Entreprises - dofir si mer jo och haut hei - an en neie Rééquilibrer an der Organisation territoriale fir d'Land.

An dëser Optik ass den Incubateur, dës Plaz also, wou sech nei gegrënnten Entreprises an enger gemeinsamer Infrastruktur mat professionellem Encadrement an Accompagnement installéieren an développer kënnen, vu besonnescher Bedeutung, ëmsou méi et net nëmmen e Projet mat enger gutt iwwerluechter funktioneller Ausrichtung ass, mä doriwwer eraus awer och en attraktiven architektonesche Projet, deen de Fonds Belval iwwer e Concours d'architecture lancéiert huet, an, wëll ech emol woen hei ze behaupten, dee richteg Choix geholl huet, well dee Projet gesäit ganz flott aus. Et ass déi richteg Approche, an eisen Aen, och fir déi héich Erwaardungen u Qualitéit am Respekt vu Masterplang-kritären ze garantéieren. Et ass jo ee fir dëse Site opgestallt ginn, dee ganz maassgeblech applizéiert muss ginn.

Elo si mer also net nëmmen mat der Uni, mat den Héichiewen, mat der neier Gare a mam Boulevard Micheville lancéiert, mä och mat dem appropriéierten Accueil vu Start-up'en, vun neien Entreprises, déi eng essenziell Kontributioun bei der innovativer wirtschaftlecher Ausrichtung vum Quartier Esch-Belval duerstellen. Mat engem Akzent op d'Wuert Quartier, well erëm muss een op Sait 8 vun der Partie technique vum dësem Projet de loi erëmfannen, dass vun enger „future ville“ geschwat gëtt. An ech si mer et jo awer schëlleg, fir dann nach eng Kéier drop hinzeweisen, dass et sech ëm en neie Quartier handelt.

Dëse Projet concernéiert nëmmen de baullesche Volet an net de Volet Fonctionnement, wéi de Rapporteur hei scho gesot huet, vum neien Incubateur.

Et wier also interessant ze wëssen, zemoools de Minister haut hei ass, wéi et elo mat deem Volet Fonctionnement virugeet an a wéi engem Zäitraum mir d'Gesamtplanung ofschléisse wëllen.

An deem Kontext gëtt et besonnesch wichtig, dass et elo scho kloer ass, dass dës nei Struktur eigentlech d'Fonction vum engem Agent de transfert fir Technologie a Recherche duerstellt. Dat heescht am Kloe-text, dass Synergie mat der Universitéit a mat de Centres de recherche onerlässelech wäerte sinn an dass op béide Säiten aktiv d'Iddi vum deenen eenzelnen Akteuren opgeholl, mat entwéckelt a weidergedroe musse ginn.

Den Technoport Schlassgoart ass jo e gutt Beispill, wéi een dat ka maachen.

Dës Zesummenaarbecht dierft net nëmmen wëschenswäert sinn, mä si muss absolut obligatoresch sinn. Soss gëtt dat Ganzt nämlech näischt. Soss kënnen mer och alleguerten déi nei Pisten um Wee fir en neie Wirtschaftspilier, zum Beispill an de Beräicher nei Technologien, Informations-, Kommunikatiouns- an Ëmwelttechnologien, Materialfuerschung, Science de la vie an - why not - Science médicale, Diagnostik oder all déi Recommandatiounen, déi mer aus der OECD-Etüd „sur l'innovation“ iwwerholl hunn, vergiessen an déi eemoleg Chance domadder natierlech och vu Belval fir de Süden a fir d'Land net nutzen.

Mat dësen ofschléissende Remarque wëll ech dem Rapporteur, deen an all Detail gaangen ass an eis Opschloss iwwer all wichteg Bestanddeeler vum dësem Projet de loi ginn huet, Merci soen an den Accord vum eiser ganzer Fraktioun mat op de Wee ginn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Mutsch. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRENG).** - Merci, Här President. Fir d'éischt géif ech gär dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport.

Wéi de Wirtschaftsminister 2002 seng Étude de faisabilité lancéiert huet, huet en effektiv sech orientéiert un enger pragmatescher a praktescher Orientatioun vum der Promotion vum neien Technologien. An dofir denken ech, dass de Choix vum Site vum Esch-Belval, wou jo d'Centres de recherche publics an d'Cité des Sciences hire Sëtz fannen, wuel dee richteg Choix war fir dës Pépinière oder dësen Incubateur d'entreprises niddersetzen. Si hunn och zu där Zäit héichgerechent, dass sech kéinte sechs bis aacht nei Entrepris pro Joer mat technischem Charakter do entwéckelen.

Mir deelen och d'Recommandatioun vum Statsrot, dee seet, dass eng Multiplikatioun vum esou Infrastrukturen op engem an deemselwechte Site och net glécklech wier.

De Bau - no engem Concours d'architectes, et ass scho gesot ginn - huet de Virdeel, engersäits architektonesch dach awer flott ze sinn, an awer och praktesch a fonctionnel ze bleiwen. Dëst am Respekt ebe vun deem bestehende Gebai. De Prinzip vun enger Këscht an der Këscht fannen ech perséinlech ganz flott.

Dëse Projet de loi, Här President, fir et kuerz ze maachen, concernéiert de Bau an net säi Fonctionnement. Dofir gi mir als gréng Fraktioun den Okay fir de Bau fir 12.990.000 Euro a wënschen dem Fonctionnement bonne chance herno.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den Här Mehlen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Prinzip vum dem Incubateur oder der Pépinière oder wéi een och ëmmer wëllt zu där Entreprise soen, dass mir dat selbstverständlech matdroen. Et muss een deene jonke Leit, déi haut de Courage hunn, an déi Richtung ze goen, d'Méiglechkeeten zur Verfügung stellen. Et kann een héchstens bedauern, dass dat net scho méi fréi gemaach ginn ass, fir jonke Leit, déi interesséiert sinn, sech selbststänneg ze maachen, eng Infrastruktur zur Verfügung ze stellen, wou se hir éischt Effortë kënnen maachen, ouni e grouse Risiko anzegoen, an eppes op d'Schinn ze setzen, wat sech herno dann an der Economie bewäert.

Dat zum Prinzip, elo zum Bau, well ëm dee geet et jo haut.

Ech wonnere mech, no den Erklärungen, déi de Kolleg Henri Grethen hei ginn huet, déi en eis och an der Kommissioun schonn

deelweis ginn hat, dass esou e Gebai um Inventaire vu Sites et Monuments steet. E Gebai wat, wéi et schéngt, net opgrond - iwwer Goûtë kann ee streiden - vun enger aussergewöhnlecher Architektur de Mérite hätt, fir dodrop ze stoen, a scho guer net opgrond vu sengem Alter.

Ech stelle mer d'Fro - ech weess net wat d'Beweggrënn waren -, ob dann dem Législateur, wann dann déi Décisioun geholl ass, fir dat do ze klasséieren, d'Hänn gebonne sinn; ob en net awer d'Fräiheet hätt fir ze soen, mir hunn do eng aner Usicht, an ob een dee Schrëtt do net hätt kënnen réckgängeg maachen.

De Käschtepunkt huet de Rapporteur eis hei schonn erkläert. Et sinn, wann een et op den aktuellen Index ëmrechent, 13,14 Milliounen Euro. Dat si ronn 530 Milliounen Frang. Dat ass net weéneeg.

Et ass jo och schonn hei gesot ginn. De Prinzip ass deen: Well dat Gebai sech schlecht eegent, fir a senger äusserer Struktur isoléiert ze ginn a fir et esou an d'Rei ze setzen, dass een déi da kënnt profitéieren, gëtt quasi eng nei Struktur bannendran operéiert. An déi baussen erëm muss jo awer och iergendwéi konsolidéiert ginn, well wéi et schéngt, hu mer gemengt op enger Foto ze gesi vum Projet, ass déi eng Sait schonn deelweis agefall, an do kënnt jo dann och souwisou eng modern Fassad.

An et ass awer dat, Här President, wourunner mir eis stoussen. Nach eng Kéier: Mir si mam Prinzip d'accord, dass esou eng Struktur geschafe gëtt, mä dat hätt een, an dann hätt ee vill méi Fräiheete gehat, kënnen mat enger neier, moderner Infrastruktur maachen, déi sech och architektonesch gutt do eragefügt hätt - well et entsteet jo vill Neies do. Duerfir hätt een och heifir kënnen eng nei Infrastruktur dohinnerersetzen, dann hätt ee kënnen d'Halschent vum Käschtepunkt spueren.

An et ass dat, wourunner mir eis effektiv stoussen, Här President. Et kann een als Regierung net higoen an de Leit ëmmer virun Ae féieren, dass awer d'finanziell Situatioun hei am Land geännert huet, de Leit erklären, dass se an Zukunft missten de Rimm bäizéien; et kann een net dobausse Waasser priedegen an dann a sengem eegene Behuele Wäin drénken.

» **Une voix.** - Mir hunn dat nach ni gemaach.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - An et ass no deem Prinzip, wou mir zwar jo soen zur Iddi dovun, an och fir d'Realisatioun vum esou enger Infrastruktur, déi d'Pépinière d'entreprises méiglech mécht, mä mir soen neen zum aktuelle Projet, well en eis an eisen Aen ze deier gëtt opgrond vun deem, wat ech elo grad gesot hunn.

Dat gesot, Här President, wäerte mir dëse Projet net stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Also, Här President, ech ka mech awer nëmmen un dat ralliéieren, wat all déi positiv Bemierungen zu deem Projet hei waren, a besonnesch dat, wat meng Buergermeeschtesch gesot huet.

(*Hilarité*)

A wa meng Buergermeeschtesch mat deem Projet d'accord ass, da sinn ech selbstverständlech derbäi, da muss ech mech deem dann och ralliéieren.

(*Hilarité et interruptions*)

Neen, ech verstinn einfach net, wann ech eng Kéier hei wëll positiv Impulser ginn, dass dann heibanne gelaacht gëtt. Hei, huet mech dach wann ech gelift e bësse méi eescht, wann ech esou eppes soen!

Mä wichteg ass op jidde Fall, Här President, ech si voll mat deem Projet averstanen an ech hunn och kee Problem domat, dass Al an Nei verbonne ginn. Ech fannen dat gutt.

Ech wëll just dozou bemierken, dass mer just mussen oppassen, wa mer elo vun de Vestiaire vum den Héichiewe schwätzen, dass net op eemol déi dann nach just eleng dostinn, an dass mer och esou lues a lues sollen ufänken, well jo awer hei gestëmmt ginn ass, fir déi Héichiewen ze erhalen, eppes dorunner ze maachen, well wa mer nach zwee Joer waarden, da brauche mer nach just e Schrottkran. Duerfir wier et och net schlecht, wann do awer endlech eppes géif geschéien.

(*Brouhaha général*)

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den zoustännege Minister, den Här Claude Wiseler, huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Ganz kuerz wëll ech just e puer Remarque maachen. Och vu menger Sait aus Merci dem Rapporteur an all deene Leit, déi op dësem Projet hei matgeschafft hunn.

Deen Incubateur, déi Pépinière, déi do entsteet, déi entsprécht enger ganzer Rei vu Richtlinnen, déi d'Regierung an hirer Politik wëllt ëmsetzen. Fir d'éischt emol där Politik, déi mer wëllen am Kader vun der Recherche et développement maachen, wou mer hei einfach e wichtegt Instrument schaffen; an zweetens och enger Politik vum Aménagement du territoire, déi doranner besteet, dass mer d'Friche-industriell vu Belval als ee vun deenen haaptsächlechsten Entwécklungspölen hei aus dem Land considéréieren.

Datt déi Pépinière op dës Plaz kënnt an op keng aner Plaz, ass fir mech eng Evidenz, well si huet hir Plaz hei ganz einfach am Kontext vu Belval, deem mer deen Développement do ginn, wou eng Universitéit hikënnt, wou CRPen hikommen, wou Plaz ass fir Entreprises, fir sech ze installéieren. Dat gëtt den zukünftige Charakter vum dem Quartier Belval, wann ech mech dann esou ausdrécken däerf, an dat ass seng Zilsetzung, an duerfir gehéiert deen Incubateur dohinner an néierens anescht. Dat ass déi éischt Remarque, déi ech wollt maachen.

Déi zweet Remarque, déi huet mam architektonesche Konzept ze dinn a mam Präis, dee virdrun ugeschwat ginn ass, wou deen een oder deen anere gesot huet, mä en ass deier. En ass effektiv deier. D'Erklärunge sinn deelweis ginn; ech widderhuele se awer nach eng Kéier an ech prezisiéiere se haaptsächlech.

En ass deier, well mer décidéiert hunn, en op där doter Plaz ze maachen, a well ech och fundamental mengen, dass dat do déi richteg Plaz ass, well e genau drapasst, well e genau alles ronderëm huet, wat ronderëm deen Incubateur muss sinn, fir dass e funktiounsfäeg soll sinn a fir dass en och perfekt soll kënnen gefouert ginn.

Et ass richteg, dass d'Gebailechkeeten net vu sech aus esou sinn, dass se kënnen als Monument bezeechent ginn. Et si Gebaier vun 1969. Mä wat een awer och muss ganz kloer gesinn, an dat ass jo och dat, wat de Masterplang, deen ausgeschafft ginn ass, wéi Belval entstanen ass, festgesat huet, dat ass, dass mer hei net nëmmen eng Donnée hunn, wou mer Gebaier solle konservéiere wéinst hirer Valeur architectonique, mä wou mer sollen en Impératif de conservation vum Site anhalen.

Wat heescht dat? Mä dat heescht, dass a sech soll gekuckt ginn, dass dee Site, deen hei ganz nei aménagéiert gëtt, awer eng Rei Elementer soll beinhalten, déi weisen, wat virdu war. An dat ass dat wat heimat geschitt. Dat kann een op zwou Aart a Weise maachen. Dat kann een op déi eng Aart a Weis maachen, andeem een eng Rei Denkmäler, Monumenter erhält, fir se ze weisen - dat maache mer mat den Héichiewen -, an dat kann ee maachen, andeem een eng Rei Gebaier, déi bestanen hunn, déi eng Fonctioun hatten, esou transforméiert, dass se elo nach eng sënnavoll Notzung hunn. An dat ass dat, wat mer hei mat deem fréiere Vestiaire mat der Pépinière maachen. An dat dat Ganzt zesummegehéiert, Héichewen a Vestiairen ronderëm zesummegehéieren, logesch zesummegehéieren, dat ass fir deen, deen op de Site geet, fir deen, deen dat gesäit, och eng Evidenz.

Et ass natierlech kloer, dass dat méi kascht; et ass natierlech kloer, dass dat en architektonesch speziell Traitement brauch. Dat huet och de Concours d'architectes gewisen: All déi Iddien, déi och aner Architekten do hatten, ware ganz flott a bewonnerenswäert. Deen hei Projet ass iwwert dee Concours erausgewielt ginn, well en deene Leit, déi am Jury waren, als dee beschte geschéngt huet.

En entsprécht och der Charte de Venise. Wat heescht dat? Mä dat heescht, dass en a sech déi verschidden Epochen an déi verschidden Utilisatioun vum Gebai och ervirsträicht. Mir weisen a mir gesi ronderëm nach deen industrielle Charakter op där enger Sait, a mir hunn awer och de Charakter vun haut, dee mer och elo dra gesinn. Dat ass dat wat wesentlech ass.

Mä dat beinhalt natierlech och, datt eng ganz Rei Traitementer hu misse gemaach ginn, wéi d'Qualité thermique, déi et net ginn ass, déi huet misse frësch analyséiert ginn, wéi d'Opmaache vum ganze Bau, well vill Luucht huet missen erakommen.

An da war en anere Problem, dee mat der Economie och zesummenhänkt: Dat ass dee gewiescht, datt kee prezise Programm do war. Dat ass e Problem, dee mat der Economie zesummenhänkt, mä dee vun der Economie hier net anescht léisbar war.

Well wat ass den Inhalt vun deem Gebai? Mä datt e multifunktionell ass an datt en am Fong fir all Usage ka gebraucht ginn an immédiatement och transforméiert ginn, wann eppes anescht drakénnt, well all Joer changéiert den Inhalt fundamental. Also huet misse gekuckt ginn, datt dat Gebai esou changeabel war, transformabel war, multifunktionell brauchbar an direkt erëm an d'Rei setzbar, an dat ass natierlech och e Käschtepunkt gewiescht, deen zousätzlech derbäikomm ass. Op der Sait 11 an 12 vun Ärem Exposé des motifs fannt Dir all déi Explicatione ganz am Detail ginn.

Et kënn nach derbäi, datt et och deelweis en industrielle Gebrauch ass, wou zum Bei-

spill all déi industriell Fluiden, ob dat Elektrizitéit, Air comprimé, Waasser oder Gas ass, iwwerall, an all Atelier hu misse sinn. Also ass et anescht wéi bei engem normale Gebai, an eng ganz Rei Spezifisitéiten hu missen erfëllt ginn, déi de Präis explizéieren.

Dat gesot waren dat déi Remarquen, déi ech nach zousätzlech - niewent deem, wat den Här Rapporteur, d'Buergermeeschtesch vun Esch an eng Rei aner Leit, déi iwwert dee Projet hei geschwat hunn, scho souwisou gesot hunn, wat ech net nach wëll iwwerhuelen - dozou wollt maachen.

Ech soen lech alleguerte Merci fir d'Ënnerstëtzung an d'Zoustëmmung.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt. Mir kommen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5581.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5581 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, géint 4 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hupert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali

Kaes (par Mme Sylvie Andrich-Duval), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

M. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Adam Claude) et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wéisst nach gären, wat den Ordre du jour vu muer ubelaangt, fir dass jiddferee sech dorop astelle kann. Mir hu jo en Ordre du jour, deen arrétiert ass. Mir sinn awer och befaasst mat enger Resolutioun, déi d'Madame Frank déposiert huet, a mat enger Motioun, déi d'Madame Brasseur déposiert huet. Et gëtt mir gesot, dass et de Wonsch wär, fir déi Resolutioun an déi Motioun als zweete Punkt op den Ordre du jour ze huelen, no der Question avec débat vum honorabelen Här Grethen.

Solle mer dat esou maachen, fir dass d'Leit sech kënnen dorop astellen?

(Assentiment)

Ech gesinn, dass d'Chamber domadder averstane schéngt ze sinn. Da kommen also muer de Mëtteg no der Fro vum Här Grethen, dat ass da kuerz no hallwer dräi, d'Resolutioun an d'Motioun drun, virum Projet 5560. Voilà, domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.23 heures)

SÉANCE 7

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

- Question avec débat N°10 de M. Henri Grethen au sujet des cotisations sociales dues au Centre commun de la Sécurité sociale
- Motion de Mme Anne Brasseur relative aux réformes du cycle inférieur de l'enseignement post-primaire
(Discussion générale)
- Résolution de Mme Marie-Josée Frank relative à la violence à l'égard des femmes, y compris la violence domestique
(Discussion générale - Vote)
- 5560 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 28 décembre 1920 autorisant le Gouvernement à édicter un statut réglementant les conditions d'emploi, de travail, de rémunération et de mise à la retraite des employés et ouvriers occupés au service des exploitants des chemins de fer situés sur le territoire du Grand-Duché
(Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)
- 5589 - Projet de loi
 - autorisant l'acquisition de l'infrastructure ferroviaire appartenant à la société Arcelor S.A.;
 - modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire;
 - modifiant la loi du 28 mars 1997 1. approuvant le protocole additionnel du 28 janvier 1997 portant modification de la Convention belgo-franco-luxembourgeoise relative à l'exploitation des chemins de fer du Grand-Duché, signée à Luxembourg, le 17 avril 1946; 2. approuvant les statuts modifiés de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL) et 3. concernant les interventions financières et la surveillance de l'État à l'égard des CFL; 4. portant modification de la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire
(Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5316 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel à la Convention pour la protection des personnes à l'égard du traitement automatisé des données à caractère personnel, concernant les autorités de contrôle et les flux transfrontières de données, ouvert à la signature, à Strasbourg, le 8 novembre 2001 et
5404 - Projet de loi portant approbation des amendements, adoptés par le Comité des Ministres, à Strasbourg, le 15 juin 1999, à la Convention pour la protection des personnes à l'égard du traitement automatisé des données à caractère personnel (STE N°108) permettant l'adhésion des Communautés européennes

(Rapports de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

- 5499 - Projet de loi portant approbation
 - des amendements apportés par la Conférence de plénipotentiaires de l'Union internationale des télécommunications le 18 octobre 2002 à la Constitution de l'Union internationale des télécommunications et son annexe ainsi qu'à la Convention de l'Union internationale des télécommunications et son annexe, signées à Genève, le 22 décembre 1992, telles qu'amendées dans la suite;
 - des résolutions, décisions et recommandations faisant partie des Actes finals de la Conférence de plénipotentiaires additionnelle de l'Union internationale des télécommunications de Marrakech (2002)

(Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Da komme mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëten. Dat ass d'Fro vum honorabelen Här Henri Grethen iwwert d'Sozialbäiträg un de Centre commun de la Sécurité sociale. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit fir seng Haaptfro, an no der Äntwert vum Minister eventuell seng Zousazfro ze stellen. Der Regierung stinn zéng Minutten Zäit zou. Voilà! Den honorabelen Här Grethen huet elo d'Wuert.

1. Question avec débat N°10 de M. Henri Grethen au sujet des cotisations sociales dues au Centre commun de la Sécurité sociale

» M. Henri Grethen (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Problematik vun de Failliten huet dës Chamber jo schonn des Öftere beschäftigt a wäert eis och an Zukunft beschäftigen. Ech hunn an deem Zesummenhang eng Rei Froen un de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Sécurité sociale.

A rezente Failliten huet ee festgestallt, dass déi Montanten, déi do geschëllt sinn an déi privilegiert sinn, déi vum Superprivileg bénéficiéieren, äusserst important sinn. Duerfir wollt ech vum Minister wëssen, wat fir eng d'Reaktioun vum Centre commun de la Sécurité sociale ass.

Dee Moment, wou eng Entreprise net méi an den Delaien hir Cotisatioun bezilt, vu wéini u gëtt de Recouvrement forcé vun deene Cotisatiounen entaméiert? Dat heescht, vu wéini u gëtt net nëmmen e Bréif geschriwwen, e Rappel oder Dernier rappel, mä vu wéini u gi méi konkret Mesuren ënnerhol?

Gëtt eng Differenz gemaach - an dat ass meng drëtt Fro - zwësche klengen a groussen Entrepenen? A wann déi Differenz gemaach gëtt, wat sinn dann d'Ursaachen dovunner?

A meng véiert Fro ass: Wann Entreprisë wëlle bei öffentleche Soumissiounen matmaachen, da mussen se e Certificat ofginn. Ënner wat fir enge Konditiounen kritt eng Entreprise iwwerhaupt esou e Certificat?

Wann ee feststellt, zum Beispill an enger rezenter Faillite, wou eng Entreprise aus dem Bausecteur méi wéi 15 Méint Cotisatiounen schëlleg war: Krut esou eng Entreprise dann nach Certificaten, dass se an der Rei wier? An huet se domadder net d'Méiglechkeet gehat, eng deloyal Konkurrenz ze maache vis-à-vis vun deenen Entrepenen, déi an der Rei sinn? Duerfir wëll ech wës-